Et ass en Tool, deen deene Jonke Courage soll ginn, fir sech an enger Welt ze verwierklechen, déi am stännege Wiessel ass, an an där d’nohaltegt an d’kreatiivt Denken ëmmer méi eng wichteg Roll spillt; konkret sinn dat Aktivitéiten am Beräich vum *Entrepreneurship*, der ekonomescher Nohaltegkeet, an der finanzieller a wirtschaftlecher Allgemengbildung, souwéi vun der berufflecher a schoulescher Orientéierung.

Déi Jonk vun haut sollen déi néideg Kompetenze gewannen, fir sech an der Welt vu muer zurecht ze fannen, virun allem geet et ëm déi 4K-Kompetenzen: der Kommunikatioun, der Kollaboratioun, der Kreativitéit a dem kriteschen Denken.

Denise Backes-Kohl

A wat mécht de Fieldgen nach ?

Hei eng Auswiel :

9 **Waasserspender**
op verschiddene Plazen
an der Schoul

Sammelen vun
ale **Batterien**

Sammel-Aktioun
E Stopp fir de Mupp

Eisen **Fairtrade-Eck**
an der Konferenz



Eisen **Agenda**

FSC
www.fsc.org
MIXTE
Issu de sources responsables
FSC®



Eise **ReUseCorner**
mat Schoulmaterial

Participatioun bei
Mam Velo an d'Schoul

Botzmëttel
mat dëse Labelen :

Eise **Kopies-Pabeier**

RECYCLED
Paper made from recycled material
FSC
www.fsc.org
FSC®

An eisem **epfShop** verkafe mer eng ganz
Rei nohalteg Artikelen :

epfShop

3 Froen zu Corona ...

Corona ass fir mech ...

Mia Hagen, 2GSO2 :
Isolation, Einsamkeit, Maskenpflicht

Mathilde Colin, 6G5 :
gefährlich, nervig, traurig

Delves Gonçalves Ramos, CIP :
net flott, stresseg, ustrengend

Abbdallah Dalhoumi, 7C2 :
Pandemie, Virus, Lockdown

Michèle Schreiber, Franséischproff:
ganz vill neie Vocabulaire:
FFP2 – Inzidenz – Tracking-asw.

Luc Santer, Chimiesproff :
lästeg, nerveg, mee net esou schlëmm wéi Krich, Klimawandel an Ëmweltzerstéierung

Stefan Kornelis, Geschichtsproff :
Covid ass méi geféierlech wéi geduecht –
en temporäre Probleem –
nach net komplett erfuerscht

Juliana Cordeiro Morim, 1CG :
une menace,
une contrainte, un défi

Paule Schartz, éducatrice :
esou wéi Dauerreen

Wéivill huet Corona d'Schoul verännert ?

Florence Conrad, 6G5 :

Et ass net méi esou spannend an der Schoul, zum Beispill, kann een net méi esou oft op Klassereese goen an och mat de Masken ass et zimmlech nerveg.

Kassandra Sosson, 1C-D :

De Schoulsystem huet duerch Covid missen ugepasst ginn, wat de ganze Fonctionnement vun der Schoul verännert huet.

Déi no Kontakter an der Schoul mat Kollege falen ewech, d'Theme si geprägt vun der Pandemie, a Covid huet eis an deene läschten 2 Joer zesummegerechent sëcherlech e puer Schoulstonne geholl, op et ass fir iwwert déi nei Mesuren ze schwätzen, Homeschooling ze machen a sech ëmstänneg an de System anzeloggen oder déi alldeeglech Tester duerchzeféieren.

Michèle Schreiber, Franséischproff :

Mir hu geléiert, datt een och anescht Schoul hale kann (wéi z.B. iwwert Teams) - Et war eng Zäit voller Aschränkungen an ech freeë mech, meng Schüler geschwënn erem ouni Mask ze gesinn – Mir hu geléiert, mat den Aan ze laachen.

Mascha Werner, 6G5 :

Covid huet eist normaalt Schoulliewen immens verännert. Duerch déi néideg Moossnamen ass et däitlech méi ustrengend fir eis Schüler a fir eis Proffe ginn.

Gaby Fernandes Da Silva, 6G5 :

Corona huet fir mech an der Schoul ganz vill verännert, well ech mech net esou gutt konzentréiere kann. Et ass och nerveg dauernd ze lëften, well da gëtt et immens kal am Klassesall a wéinst der Mask net richteg Loft ze kréien an och net richteg deen aneren ze verstoen, well een eng Mask unhuet.

Lennox Pech, 7G6 :

Mir mussen déi ganzen Zäit Masken unhunn... ëmmer si mir an engem Scenario, all Dag musse mir getest ginn...

Lena Zeimt, 7C3 :

Homeschooling war ok, et war cool, well ech konnt direkt an de Living goen a mir direkt eppes ze iesse maachen. Et war een och méi oft mat der Famill zesummen, wat oft zu Sträit geféiert huet. Et geet een elo manner mat de Kolleegen eraus. Elo muss een ëmmer Masken droen. Am Ufank war et mega ongewinnt, mee elo huet ee sech mëttlerweil dru gewinnt.

Abbdallah Dalhoumi, 7C2 :

Mir kruten Homeschooling. Déi meecht Leit sinn doduerch méi faul ginn. Mir hate vill Réseau-Problemer mam Internet an doduerch war et méi schwéier fir mam Kuer nozekommen. Oft ass de Mikro net gaangen an et ass alles hänke bliwwen.

d'liewen um fieldgen

Paule Schartz, éducatrice :

Leider ginn et nach méi Regelen. D'Schoul ass villäicht awer nach méi eng wichteg Plaz ginn, fir Frënn ze treffen.

Luc Santer, Chimiesproff :

vill Aschränkungen fir Schüler a Proffen: keng Gesellegkeet, Reegelen an nach emol Reegelen, fuerchtbaren Homeschooling

Juliana Cordeiro Morim, 1CG :

Le virus entraîne de nombreux changements dans le domaine social et ainsi également à l'école. Les étudiants et les enseignants sont constamment confrontés au fait que le virus fait partie de notre vie quotidienne. Le port de masques, la désinfection des mains, le distanciement social, tout ce qui semblait imaginable est devenu une nouvelle réalité. La fermeture des écoles pour réduire la transmission du coronavirus a été une mesure prise, obligeant les élèves de tous âges et de tous niveaux d'enseignement à s'adapter à une nouvelle forme d'enseignement, dans laquelle les enseignants et les camarades de classe se trouvent de l'autre côté de l'écran de l'ordinateur.

Les élèves et les enseignants ont appris à communiquer par le regard. Pour de nombreux éducateurs, le fait de ne pas voir l'expression du visage de l'élève rend leur travail plus difficile. En outre une leçon importante tirée de la pandémie est le rôle essentiel que jouent les éducateurs pour garantir la poursuite de l'apprentissage pendant la fermeture des écoles.

De plus, le personnel de service comme celui du nettoyage est surchargé. Lors de la réouverture des écoles, les fonctionnaires devront veiller à ce que les étudiants poursuivent leur éducation dans un environnement sûr et propre.

Notre interaction n'a jamais été la même depuis l'arrivée de cette pandémie. Nos gestes et nos relations avec les autres sont caractérisés par la distance.

Stefan Kornelis, Geschichtsproff :

Covid huet zu méi Distanz gefouert an huet eis alleguerte méi gestresst. Glécklecherweis huet sech erausgestallt, datt de Präsenzunterricht nach ëmmer méi Resultater brëngt, wéi den Homeschooling iwwer Teams

Hues du duerch d'Pandemie en anere Bléck op d'Welt kritt ?

Jack Schiltz, 7C2 :

Jo, vill Léit kucken ee komesch un, wann een houscht. D'Leit haale sech eweg, Kontakter ginn op eemol oofgebrach. D'Leit schwätzen net mat engem, well een net geimpft ass.

Frida Bistrup, 6G5 :

Ja absolut! Ich nehme die Welt viel ernster. Ich habe gesehen, wie viele verschiedene Meinungen es wirklich gibt, und ich habe gesehen, dass man viel verantwortungsbewusster mit seiner Gesundheit und seinen Mitmenschen umgehen muss.

Laura Rota, éducatrice :

Jo, well ee seng Gesondheet schätzen soll, wat ee virdrunn villäicht net esou gemaach huet.

Oscar Rumpf, 7G7 :

Jo, et erkennt een d'Mënschen net méi esou gutt duerch d'Masken. Et geet ee villäicht net méi fir alles bei den Dokter, well een Angscht huet, Corona ze kréien. An den Nori-chten héiert ee baal nëmmen iwwer Corona schwätzen.

Johan Morel, 7G5 :

Jo, et sinn elo vill Léit déi Masken unhunn. Virdrunn hunn ech dat ni gesinn. Et muss een elo eng Impfung hunn, fir kënnen ze goe wou ee wëll. D'Liewen ass schwéier ginn, ech hoffen, dass dat gläich ophällt an dass d'Liewen esou wéi fréier gëtt, ouni Masken.

Mathilde Colin, 6G5 :

Mein Blick auf die Welt ist anders geworden durch Covid. Vorher war es selbstverständlich, dass ich so oft zu meinen Großeltern gehen durfte, wie ich wollte. Jetzt ist es schwieriger sie sehen zu können, und das ist sehr ungewohnt.

Michèle Schreiber, Franséischproff :

Covid ass fir mech e Beweis dofir, wéi fragil eise System ass an datt d'Gesellschaft net um richtege Wee ass. De Confinement hues eis forcéiert, erem regional Produiten ze kafen an ze schätzen. Dovun profitéiert d'Emwelt. Ech wënsche mir, datt eis Gesellschaft net méi sou schnelllieweg ass an rem méi Déifgang kritt.

Inês Sintra Guardado, 6G5 :

Ech géif soe jo, well ech elo mierken, dass dës Welt net esou schéin ass wéi ech geduecht hun. Ech si mer awer net sëcher, ob et un der Pandemie läit oder um Fakt, dass ech wuessen.

Stefan Kornelis, Geschichtsproff :

Jo, mir sinn all en Deel vun der Impfung, mee d'Impfung ass och nëmmen een Deel vun der Léisung.

Mascha Werner, 6G5 :

Nee, ech hunn net wierklech en anere Bléck op d'Welt kritt. Déi Pandemie huet eis all just nach eng Kéier gewisen, dass Hygiene immens wichteg ass an dass duerch kleng Saachen eis Gesell-schaft séier gespléckt ka ginn, an dass déi, déi ënnerschiddlech Meenungen hunn, sech géigesäiteg ophetzen. Ech denken an dësem Fall un déi Geimpften an un déi Ongeimpften.

Teambuilding für das neue „Schülercomité“

Um die Gemeinschaft untereinander zu stärken und sich gegenseitig besser kennen zu lernen, hat sich das Schülercomité an einem Nachmittag zum Teambuilding getroffen. Mit interaktiven Spielen wurde die Kommunikation untereinander gefördert. Außerdem hatten die Mitglieder die Gelegenheit zur Information und zum Austausch über die Rechte und Aufgaben eines Schülercomités. Bei einer abschließenden Runde fanden alle, dass der Nachmittag sehr zur Verbesserung der Zusammenarbeit im "Schülercomité" beigetragen hat.

Bruno Oliveira Gomes &. Elfriede Fröhlinger
Begleeder vum Schülercomité

„Wat ass mir wichteg fir meng Aarbecht am „Schülercomité“ ?

Hier eine Auswahl von Antworten der Mitglieder des Schülercomités:

Emma, 6G6 : Mir ass et fir meng Aarbecht am Schülercomité wichteg, dass sech d’Kommunikatioun tëschent de Schüler an dem Léierpersonal verbessert.

Zoé, 2G-SO2 : Ech hu mech beim SC gemellt, well ech en Deel vun der Léisung wëll sinn. Mir ass et wichteg, dass sech all Eenzelnen um Fieldgen ka wuel fillen.

Erika, 5G7 : Ce qui est important pour moi, c’est la discipline et qu’on travaille en équipe au comité des elèves.

Camille, 4C1 : Ech sinn am Komitee, well ech wëllt gären e Lien tëschent Schüler a Prof kreéieren. Ech sinn och do, well et cool wier, verschidde Saachen an der Schoul ze änneren oder nei anzeféieren.

Luana, 6G4 : Mir ist es wichtig, dass wir zusammen halten als Schülercomité und dass wir andern Schülern helfen, die Hilfe benötigen.

Lori 4C2 : I think, that important for my role in the student council is being innovative and responsible. I believe I should help our school on a better way … so that students will go to school because they like it.

Marie, 2G-SO3 : Pour moi le plus important est d’apporter du changement là où il est necessaire et de faire en sorte que l’on représente correctement l’école.

Tiffany, 6G5 : Mir ass et wichtig, datt ech hëllefsbereet sinn a Leit mir Saachen uvertraue kënnen. Mir ass et och wichteg, datt d'Leit (Schüler, Proffen etc.) oppe mat mir sinn, fir datt mir am Schülercomité kënne weiderhëllefen a Probleemer léisen.

Francesca, 4C1 : Mir ass et wichteg, dat ech déi Projeten, déi ech elo ugefaangen hunn, weiderféieren a villäicht souguer ofschléisse kann. Ech hu mech virun allem gemellt, fir mat neie Leit de Schüler an der Schoul eng Stëmm ze ginn.

Aktivitéiten an der Fuesvakanz

Service éducatif

Och dëst Joer hunn d'Educateuren, aus dem Service éducatif, de Schüler e puer Aktivitéiten an der Fuesvakanz proposéiert. E grousse Merci un all déi, déi matgemaach hunn!

Mat den Hënn duerch d'Péitruss spazéieren

Science Center Déifferdeng

Kachen a baken an der Schoul



Schlittschung fueren

European Youth Parliament

In November 2021 we participated at the 8th National Selection Conference of EYP Luxembourg. We got in touch with EYP through our History teacher, Mr. Larosch.

What is EYP?

‘The European Youth Parliament is a peer-to-peer educational programme that brings together young people from across Europe to debate the pressing issues of our time. Our mission is to inspire and empower a young generation of informed, open-minded, responsible, and active citizens that shape society and drive impact.’
– European Youth Parliament

How is an EYP session structured?

When you take part as a delegate in an EYP session, you discuss and debate the topic of your committee with the goal of presenting the final results at the end of the session.
As a delegate, you are allowed to do a ranking of the different themes that will be debated during the session. Afterwards, you will be assigned to your committee which has one of your favourite themes as a topic. In order to be correctly informed, before the session starts, you will have access to a booklet which contains information about the different topics. You are encouraged to read the booklet before the session to be able to discuss the topic correctly in your committee.
The session which we took part in was four days long.

Usually, an EYP session is divided in three parts:

Team building

Every session begins with team building. The aim of this part is to get to know each other, to get comfortable with each other and to establish a good atmosphere.
This part lasted our entire first day. We played multiple games to build connections. At first, we played those games all together. Afterwards we played those in our committee to get to know the delegates of our committee better.

Committee work

The next part of the session is the committee work, where we debate and develop a solution. Firstly, we analyse the different aspects of the problems of our topic and secondly, we try to find solutions for the problems. Every committee has a chairperson who is present during the committee work and during the general assembly. They make sure that the delegates are on the right path and they also guide their delegates during the preparation for the solution. An additional role of the chairperson is to make sure that their delegates are comfortable by assuring their mental and physical wellbeing.

This part of the session lasted 2 days during our session.

Do not worry, we did not work the entire day! There are regular coffee breaks in which you can eat and drink.

General Assembly

After all the hard work of the last days, the delegates present their solutions to all the participants of the session. Every delegate sits with their committee, with their chairperson who helps and guides them during the general assembly. Every committee gets to present their solutions, while the other committees debate and give feedback to the committee that is presenting. During this part you get the chance to give a speech in front of everybody.

What did we like the most about the session?
Everybody participating was very open and friendly. The atmosphere was very welcoming during the session. During the session we got to know a lot of people of different countries and their culture. We appreciated the coffee breaks because during this time we could get to know the other delegates better. We danced and sang during these breaks which was a lot of fun. Another thing that we liked about the session was the ability to have an impact on society by writing the solutions which will be transmitted to the European parliament. Finally, we liked that our self-reflection improved and that our opinion could cause a rethinking in other people. Overall, we enjoyed that we met new people that we were able to start new friendships with.

What did we learn during this session?

We learned to express our opinions and to accept others' opinions. We improved our way to handle criticism. We also learned to be more open-minded. We improved our confidence. We also gained experience in speaking in front of a bigger audience. We improved our English skills, mainly our writing and speaking.

Are you interested in participating in EYP?

You can follow EYP Luxembourg on Instagram and on Facebook where you will be kept up to date and where you will be informed about opportunities to apply for sessions (@eyplu).

After having participated at a National Selection Conference in Luxembourg you can participate in a session all over Europe as a delegate or apply for another role.

A National Selection Conference will take place in Luxembourg from 1st to 4th September, which is being currently organized.

Mariana Portelada Inácio, 2C-C
Isa Rolim Reis, 2C-G
Diana Gama Coimbra, 2C-G
Nihad Boumeza Zoubair, 2C-G
Marielle Logtenberg, 2C-C
Ana Cardoso Gomes, 2C-C
Sara Cardoso Gomes, 2C-C

Déi nei Kantin mécht Fortschrëtter !

Dir sidd dach bestëmmt alleguer schrecklech viirwëtzeg, wéi et op eisem Kantins-Chantier ausgesäit, oder ? Op Nofro krute mir e puer Fotoe geschéckt, op deenen ee scho gutt erkenne kann, wat fir e flotten a moderne Schoulrestaurant mir do kréien : 2 Stäck mat vill Plaz, vill Luucht, eng Terrass, eng modern Ariichtung ... Do fänkt ee schonns un ze dreemen a wëll nomëttes scho guer net méi an d'Schoul goen, mee an der Kantin bleiwen.

In Memoriam Ota Nalezinek (1930 - 2022)

Zum Andenken an den Schöpfer unserer Fieldgen-Tapisserie

Jeden Morgen empfängt er 1500 müde Schüler und Schülerinnen an der Schulpforte und ist der Blickfang für Besucher unserer Schule im Eingangsbereich der Schülerpforte: der Wandbehang von Ota Nalezinek und Simone Pauly.

Der 1930 in der damaligen Tschechoslowakei geborene Künstler und Kunstdozent Ota Nalezinek, der 1969 aus politischen Gründen vor den Repressalien der Russischen Armee während der Ereignisse, die wir heute unter dem Begriff „Prager Frühling“ kennen und die an den gegenwärtigen Krieg in der Ukraine denken lassen, nach Luxemburg floh, schaffte es mit seinen farbenfrohen und so neuartigen Werken in den 80er und 90er Jahren in so manches Wohnzimmer des gehobenen Bürgertums. Dass er als Künstler auf eine außergewöhnliche Akzeptanz bei den luxemburgischen Anhängern der Schönen Künste stieß, lag sicherlich an mehreren Aspekten: an der Zugänglichkeit seiner Kunst für die Betrachter, an dem liebevollen „Augenzwinkern“ des Künstlers, mit dem er seine neue Heimat betrachtete und abbildete, und an der beeindruckenden Vielseitigkeit seines Lebenswerks. Fest eingebunden in die Kulturszene Luxemburgs arbeitete er als Illustrator, schuf Skulpturen, gestaltete während mehrerer Jahre die Eingangspforten zur Schobermesse, zeichnete, malte und entwarf beeindruckende Wandteppiche. Und so verwundert es nicht, dass sich unsere „Amicale des anciennes” an den tschechischen Textilkünstler wandte, als es darum ging, im Jahr 1991 die 100-Jahresfeier unserer Schule würdig zu begehen.

Die Tapisserie, die die Vereinigung der „Ehemaligen“ in Auftrag gab, stellt eine Collage von allen wichtigen Sehenswürdigkeiten dar, die die Stadt Luxemburg um 1990 zu bieten hat. Vor einer Skyline aus lauter Türmen entdeckt der Betrachter zunächst auf Augenhöhe im Vordergrund des Wandbehangs den filigranen Springbrunnen der Place de Paris, der 2021 der Instandsetzung des Platzes weichen musste, und natürlich die Figurengruppe der Hl. Familie von der Seite der Rue Duchscher, die ganz eindeutig unsere Schule abbildet, denn das Fieldgen hieß früher einmal „Pensionat Ste Famille“. Dann weitet sich der Blick nach oben - wie bei einem Spaziergang in Richtung Altstadt - auf die das Stadtbild prägenden Türme der wichtigsten Kirchen und der konkurrierenden Türme der finanziellen und politischen Machtzentralen der vergangenen Jahrhunderte.

Doch ging es wohl hier nicht in erster Linie darum, eine touristenfreundliche Postkartenidylle zu schaffen, sondern darum, die Stadt aus dem Blickwinkel einer Fieldgen-Schülerin zu sehen. Verlässt man die Schule Richtung Altstadt, überquert man - die Figurengruppe im Rücken - zunächst den Pariser Platz mit seiner wunderbar gearbeiteten Fontäne, um dann den Blick über die Brücken ins Petruss-Tal schweifen zu lassen und auf dem Spaziergang Richtung Zentrum alle abgebildeten Türme in Augenschein zu nehmen. Unterstützt wird meine (zugegebenermaßen subjektive) Annahme durch die Tatsache, dass das Palais Grand-Ducal mit einer Seitenansicht des höchsten Gebäudeteils (in Turmform) aufwartet, also so, als schaute man sich nicht die Vorderseite das „Palais” an, sondern den Gebäudeteil, den man aus „Bahnhofsperspektive“ sehen kann.

Liebe Leserin, lieber Leser,

wenn Du das nächste Mal an Ota Nalezineks und Simone Paulys Wandbehang vorbeikommen solltest und etwas Zeit erübrigen könntest, so gönne dem Kunstwerk, das eigens für unsere Schule geschaffen wurde und diese auch ganz selbstbewusst in Szene setzt, einige Augenblicke Deiner Aufmerksamkeit, in die Du auch unbedingt den oberen Teil des Wandteppichs einbeziehen solltest. Hier geht es um das immaterielle Erbe unserer Schule und unserer Stadt, das das Kunstwerk erst lebendig macht. Es sind dies die vielen herzerwärmenden Details wie die herumschwirrenden silbernen Glöckchen, die Herzen, die umherwirbelnden Blumen und Blätter, die kleine Taube und der stimmungsvolle Himmel, alles Elemente, die der Tapisserie erst Leben einhauchen ... wie zuweilen das Geschrei unserer Schüler den Schulhof!

Catherine Hollerich

Was man alles auf dem Wandteppich entdecken kann:

Turm des großherzogliches Palastes
in Seitenansicht!

Türme der Kathedrale
Unserer Lieben Frau

Turm der St. Michaels-Kirche

Turm der Herz-Jesu-Kirche
im Bahnhofsviertel

Turm der Sparkasse
(Caisse d’Epargne de l’Etat)

Springbrunnen
einst auf dem Pariser Platz

Spanisches Türmchen

Eisenbahn-Viadukt

Ecole Privée Fieldgen
Portal in der Duchscher-Straße

Großherzog-Adolph-Brücke

EDUCATION ARTISTIQUE

6C

4C


6C
7C


4C

Option Foto 2021 / 2022



Barbosa Freire Lyna (2G-SO1), Braun Jil (1G-SO2), Curado Gomes Joana (2C-A), Davey Meg (2G-SO1), Dos Santos Casemiro Anissa (2C-A), Engleitner Lea (2G-SO1), Filaferro Alicia (1G-SO2), Francisco Ferreira Elodie (1G-SO2), Henn Sarah (1G-SO1), Kap Victoria (1G-SO2), Karajbic Sara (2G-SO1), Lepage Natasha (1C-C), Luis Dos Santos Carolina (2G-SO3), Palma Neves Catia (2C-A), Radzina Aleksandra (1G-SO1), Rodrigues Nathalie (1G-SO2), Sartori Laura (1G-SO2), Silva Mendes Maïlys (1G-SO2), Specogna Chelsea (1G-SO2)

Basketball Minimes Championnat

Ecole à la carte - Basketball

Ecole à la carte - Football

LASEL Boulder

effit

find us on facebook:
Sportsektioun Fieldgen

Futsal Championnat Cadets - Virronn

LASEL Handball Minimes

Futsal Championnat Finalronn - 5. Plaz

Ecole à la carte - Klammen

Ready to climb Initiatioun

fieldgen
Lycée privé classique et général

Solidaritéitsmarsch zesumme mat der Klass!

sich Parrain'en fir déng Kilometeren
Déng gesammelte Suen gi fir d'ONG
Vatelot an Enfants de l'Espoir gespent

mir trëppelen
vum 1. März bis den 31. Mee 2022

WAT WIERKLECH WICHTEG ASS

Interview mam David Claus
vum Christiane Genewo

David Claus
Ekonomieprofesser

De Lëtzebuerger David Claus ass zu Lëtzebuerg gebuer a fir d'éischt zu Moutfort, an dunn an der Stad an d'Schoul gaangen. Hien huet Ekonomie an Informatik geléiert. 2004 ass hien op de Fieldgen komm, wou hien Eko- a Comptascourse gëtt a sech mat ëm d'Stonnepläng an ëm d'Organisatioun vu speziellen Deeg, wéi zum Beispill d'Matinée-Info-Emploi, këmmert.

Wéi koum et zu denger Beruffswiel als Ecosproff?

Dat war méi oder wéineger duerch Zoufall, well ech no mengem Ekosstudium u sech wollt ee Joer schaffe goen, fir Suen ze verdéngen an dono weider Informatik wollt studéiere goen. Wéi ech du matkrut, dass se um Fieldgen een Ekonomist géife siche, fir een ee Joer ze ersetzen, hunn ech mech gemellt. No 3 Méint Schoul hale war du kloer, dass dëst mäi Beruff sollt ginn.

Wat gefält der besonnesch un dengem Beruff?

Déi vill Vakanzen an déi déck Pai ☺ ... Spaass bei Säit. Mir gefällt, wann ech gesinn, dass ech deene Jonke kann eppes mat op de Wee ginn, souwuel wat d'Matière ugeet, déi si bei mir léieren, wéi och Allgemenges, wat se fir hiert Liewe kënne gebrauchen.

Wat fir Situatiounen am Beruffsalldag maachen dech frou?

Frou mécht mech, wann ee(eng) Schüler(in) eppes fäerdeg bréngt, wouvun en/et iwwerzeegt war, dass en/hat et NI géing hikréien.

Wat fir Hobbyen hues du?

Ech schaffe gären eppes mat mengen Hänn, well ech mech domadder gutt ofgelenkt kréien an sou ka gutt relaxen. Am heefegste fënnt ee mech am Garage, wou ech da rëm amgaang sinn, eppes ze kniwwelen.

Wat lies du gären?

Krimien

Wat kucks du gären op der Televisioun?

Serien op Netflix

Wat géifs du gäre maache fir dat s de awer keng Zäit fënns?

Ee vu mengen alen Autoe vu Grond op renovéieren.

Wat bereits du?

Näischt

Wat géif s du an der Welt änneren, wann s de et kéins?

Ech géif mer wënschen, dass d'Leit een deem anere méi nolauschteren a manner egoistesch sinn. Mech reegt et onheemlech op, wa Leit just no sech selwer kucken a kee Respekt hu virun hire Matmënschen an hirer Ëmwelt.

Wéi gesäis du d'Zukunft?

Positiv, well ech dru gleewen, dass de Mënsch vu Grond op gutt ass.

Wat fir 3 Saache géifs de mat op eng verloossen Insel huelen a firwat déi dote Saachen a keng aner?

E Laptop, eng Satellittenantenn a meng Visaskaart. Firwat? Ma da kéint ech mer iwwer Internet bei Amazon e Schlauchboot bestellen, fir vun der Insel erëm erof ze kommen.

Wee beandrockt dech ëmmer erëm?

Meng Kanner, well se sou schnell Neies léieren, souguer wann een net déi ganzen Zäit hannert hinnen ass.

Wouriwwer kéints de dech gréng a giel iergeren?

Leit, déi Knascht an d'Natur geheien.

Wéi kanns de am beschten entspanen?

Beim Schrauwen un engem alen Auto.

Wat ass fir dech eng richteg Tentatioun?

Schwaarze Schokela

Wouranner läit däin Talent?

Dass ech mech net sou séier aus der Rou bréngе loossen an och ënnert Drock ka roueg schaffen, fir Léisungen zu Problemer ze fannen.

Wat iwwerléisst de léiwer deenen aneren?

Sech op Social Media ze profiléieren

Wat kanns de besonnesch gutt kachen?

Paangecher a Rouladen nom Rezept vu menger Bom

Mat wiem géifs de gären e Mount laang tauschen?

Mat kengem

Du hues 3 Wënsch fräi…

1. Zwou Milliounen Euro (eng halen ech, déi aner verschenken ech),
2. Weltfridden,
3. 3 néi Wënsch

Nenn äis w.e.g. e Liewensmotto, deen der gutt gefält!

Am Ende wird alles gut, und wenn es doch nicht gut ist, ist es nicht das Ende.

Alpe Adria Trail
"Enn" Lewensdram gëtt Wierklechkeet



Kätty Kaes
Educatrice am Internat

Text am original Éislicker Dialekt

Mat engem Artikel an enger Outdoorzeitung viru bal 15 Jar war et geschitt,
eng Iddi, ee Wonsch, ee Lewensdram höt mech deemools kritt.

Ee Wäitwanderwee soll et sinn,
mee et höt nach bessli gedauert bis dohin.

Ma war viru Jaren de GR20 a Korsika uviséiert,
sou hu mech do d'Summertemperaturen eppes Besseres beléiert.

Well dësen Dram sollt zwar eleng sinn,
mee als Begleeder een Muppi ginn.

Sou hunn d'Juna an ech jorelaang hei drop higeschafft,
Hondsschull, lafen, Mupperucksak,
Hüttentouren, ma ëmmer war d'Juna taff.

2019 höt d'Planung vum Trail ugefaang,
am Ufank ass alles eleng gaang.

Mee bemol gouf mir bewosst,
mat 20kg Hondsfudder sinn ech erschoss.

Sou hunn ech Trail Angels kontaktéiert,
si waren direkt engagéiert.

Een décken Merci geet definitiv hei un hier Grupp,
an natierlech och un déi slowenesch-italienesch Trupp.

Ma du gouf Corona zum Thema,
an den Trip krut engt wacklescht Schema.

Mee sou ass et bemol Juli 2021 ginn,
d'ganz Organisatioun an d'Pläng stinn.

Een T-Shirt mam „Rudde Léiw“ etc an engem Drockfeeler ENN Lewensdram gëtt Wierklichkeet" war geprint,
ma sou war och de Slogan vun de weideren Deeg an den nächste Méint den Hint.

Déi letzt Woch virum Start hunn ech nach puer Lett wollten Äddi soen,
an sou krut ech och ee Schutzengel vu Kolleegen, fir ëmmer bei mir ze droen.

Merci dofir,
Dir waart sou ëmmer bei mir :)

Mee jo, sou ganz hat ech nit alles an der Hand,
Sou war de letzten Owend virum Start alles anischt wéi geplangt.

An der Schlappgaass koume mir un,
ma zack, si hate mech einfach ugelunn.

D'Rollöde vun der Terrass goufe rop gemaach,
a ganz vill Frënn a Famill hunn haart gelaacht.

Amplaz Pizzadom am kleng Krees,
gouf ech sproochlos an hat all d'Wierder vergees.

Mat dëser Iwwerraschung an deene flotte Stonne
wosst ech, zum Schluss kommen Tréineronnen.

Mee eppes kann ech eech soen,
dësen Owend wäert ech ëmmer bei mir droen.

Hei nach eng Kéier ee grousse Merci un d‘Nathalie a Co,
dir sidd a bleift di Bescht, dat ass niemools eng Fro.

De 17.7. goung et du lass,
de Rucksak war gepakt a gouf an den Auto geschmass.

Dem Juna war et kloer,
lo kréie mir nach puer gro Hoer.

Mam Mike si mir a Richtung Bierg gefuer,
duerch Stau, iwwert de Chiemsee, koum dunn d‘Kaiser-Franz-Josef-Höhe op eis duer.

Den 20.7.21 war et dunn endlech suwait,
d‘Juna an ech hunn eis an d'Abenteuer gehäit.

Um Grossglöckner bei Schnéireen si mir mat der ischter Etapp gestart,
voller Spannung, Glécksgefiller, Energie, Motivatioun an dat bei voller Naturpracht.

Deen ischten Deel vum AAT goung duerch Eistraich,
Mam Slogan: Kärnten ass ganz waasserräich.

Kärnten, an aller Hisiicht einfach onbeschreiflech,
Bierger, Landschaften, Lett, Eessen, eng Géigend déi mécht einfach glécklech.

Jo och op dësem Deel vum Trail hunn ech ënnert anerem d‘Claudia an d‘Maalick kennegeléiert,
vill flott Stonnen, gemeinsam Momenter an Héichtemeteren zesumme geréiert.

Ma zu Gmünd koum dunn de Mike mat dobäi,
du ware mir ëmmer op mannst zu dräi.

10 Deeg ware mir zesummen ënnerwee,
mäi Gebuertsdag, d'Millstätterhütt an ënnert anerem de Liebeswee.

Fir mäi Gebuertsdag koumen e puer Kaddoen op mech duer,
ee flotten Hutt, Gutschäiner a fir all Daag Erënnerungsfotoe vun deem engen oder aneren Tuer:)

Ëmmer méi no sinn ech komm un d'slowenesch Grenz,
Ma zu Ossiach hunn ech beemol gemengt ech gesinn ee Gespenst.

Mee nee, et war Wierklechkeet,
kengt Wuert méi krut ech raus vu lauter Freed.

D'Karin an den Bailey souzen einfach do um Dësch,
an hunn dem Juna a mir eng ausgewëscht.

Déi Iwwerraschung war soueppes vu gelongen,
a mir sinn eis an d'Äerm an dono op d'Surfbriet gesprongen

Merci du Mëllen, fir déi wonnerschéng Zäit,
eng Erënnerung, déi ëmmer bei mir am Häerze läit.

Den 13.8. goung et dunn eng iischte Kéier a Slowenien,
ee weideren Dram, deen ech konnt erleewen.

Ma knapps een Dag iwwert d'Grenz,
höt och schonns d'Chantal spontan geglänzt.

Zesumme si mir duerch Kranjska Gora getrëppelt,
an hunn zesummen am Duerf déi genial Mentalitéit gestëppelt.

Slowenien höt mech an allen Hisiichte begeeschtert,
Frëndlichkeet, Eessen, Natur, alles gëtt gemeeschtert.

De Sočadall höt mech dunn awer komplett geflasht,
e Floss, eng Schlucht, déi Faarf, an einfach de ganze Rescht.

Op eemol war ech op der italienescher Säit,
Wäibierger, Hiwwelen, lecker Glace, mee ganz aner Leit.

Soten di Kärntener, d'Slowene wieren onsympathesch a verschlossen,
sou konnt ech dat héchstens op puer italienesch Situatioune gëlle loossen.

All eenzel Etapp war et Wäert,
och wa mol war deen een oder anere Wee gesperrt.

Oder wann ech si bal all Dag ëmgeknéckst,
sou war awer all Schrëtt gegléckst.

All Dag gouf et op mannst een Héichpunkt, an eis Motivatioun war nit kleng ze kréien,
egal wéivill Héichtemetere rop oder rof eis ëmmer rem vu Stonn zu Stonn bléien.

Hunn ech op dësem Tuer mir och mol richteg vill Zäit fir ze lese geholl,
Sou sinn ech op déi eng oder aner Weisheeten an de Romaner getroll.

E Saz vum Fitzek seet:
All Moment soll ee lewen, ouni datt d'Fantasie verluer geet.

"Schätz däi Lewen... ",
majo, an dat kënnt dir mir wierklech gleewen,

dat solle mir ëmmer rëm maachen,
egal ob mat Léift, Reesen, Arbischt oder vill verréckten anere Saachen.

An du koum d'Adria ëmmer méi no,
jo du war bemol fir di 4 letzt Etappe mäi gudde Loinoi do.

Merci, du Geck, datts du dëse Wee op dech geholl hös,
fir mat mir kennen zu Muggia iwwert d'Zillinn ze sprangen an dat definitiv net lös.

Eis Frëndschaft ass a bleift einfach perfekt,
an ech freeë mech op all weider Tuer, wou mir sinn zesumme verréckt.

Hunn ech gedööscht, mir wiere bal ukomm an kinnten an d‘Adria sprangen,
dunn héieren ech eng Grupp eng Laola sangen.

Ech hu gemengt, ech giff nit richteg gesinn,
Wéi bal 10 Lett aus Lëtzebuerg un der Zillinn an deem selwechten T-Shirt stinn.

Keng Wierder hunn ech méi fonnt, an souvill Freudestréine si gefloss,
Ech konnt et nit gleewen a war glécklech, schonn iischter wéi geplangt,
si all konnten an d'Äerm geschloss.

Zesumme si mir zu vill um Steg an d'Adria gesprong,
ma wou ech wollt raus, hat ech ee Problem mat der Zong.

De Ben an d'Alex waren einfach do,
zesumme si mir am Ausland, eng Iddi déi scho laang war do.

Hat ech ganz vill wichteg Mënsche ronderëm mech um Finalsteg stoen,
konnt ech glécklech a perséinlech dësen Text virdroen.

Eng wonnerbar Rees geet hei op en Enn, ech sinn onendlech dankbar,
datt dem Juna a meng Fitness, onberechenbar war.

Insgesamt hu mir an all dëse Wochen 986 Kilometer zu Fouss zréck gelöscht,
den Trail, verlafen, Extratueren oder Géigenden erkunden an dat bis an d'Nööscht.

A sollt ee mir d'Fro stellen, ob ech nach eng Kéier alles genee sou géif maachen,
da kann ech voller Begeeschterung JO jäizen, mat engem risegrousse Laachen.

Mäi gutt Junchen, du waars a bass sou ee geniale Mupp,
och wann et mol di eng oder aner Kéier gung rupp der dupp.

Du bass einfach sou ee geniale Begleeder,
mir hu vill zesumme geléiert, an dat vu Meter zu Meter.

Ëmmer rëm war a sinn ech houfreg op dech,
och wann s du mir déi eng oder aner Kéier entwëschs.

Virum Buttek oder der Gelateria,
hös du ëmmer ganz brav op mech gewaart,
mir konnt sécher näischt geschéien, well du hös definitiv ni eppes gefaart.

Merci mäi gudde Junamupp, datt et dech gëtt,
keen aner Mupp hätt ech mir kinnten virstelle fir dës puer Millioune Schrëtt.

Als Ofschloss vun dësem Tuer ginn ech eech nach eng Kéier mäin neit Leewensmotto mat op de Wee,
Ob een dat ëmsetzt, eleng oder mat Mupp oder einfach zu zwee:

"If you can dream it, you can do it",
An deem Sënn, genéisst alles, a bleift fit.

Krav Maga Cours

7G7- Elisa Rausch:

Ich habe gelernt, wie man sich richtig verteidigt, und es hat mir sehr viel Spaß gemacht. In dem Kurs wurde es nie langweilig. Mir haben die verschiedenen Schlagtechniken am besten gefallen. Mir hat auch die Stimmung gut gefallen.

5G4 - Catharina Strasser:

An deene 6 Kéiere, wou mir Krav Maga haten, hu mir villes geléiert, wéi z.B. wéi ee sech richteg a verschiddene Situatioune verteidege kann.

Mir hu geléiert wéi ee sech rette kann, wann een z.B festgehal gëtt, um Hals geholl gëtt oder souguer, wann een un den Hoer gezu gëtt.

Och haten mir flott a spaasseg Momenter zesumme mam Trainer.

4GPS - Noémie Schengen:

De Krav Maga war déi beschten Aktivitéit, déi ech bis elo am Internat matgemaach hunn.

An deene 6 Kéiere, wou mir an eiser Grupp dohinner gaange sinn, hu mir vill geléiert an et huet richteg Spaass gemaach.

Mir hunn dat Néidegst geléiert, wat ee brauch, fir sech ze verteidegen, an elo fillt ee sech vill méi wuel, wann een iwwert d'Gare trëppelt.

Beim Krav Maga konnt een och seng Roserei erausboxen.

Et war ustrengend, mee duerch den Trainer huet een net opginn. Heen huet ee motivéiert an e puer vun eis sinn doduerch och méi sportlech ginn.

PS: Et ass schued, dass et elo eriwwer ass, ech hätt nach gäre weider trainéiert.

6G3 - Raquel Marques Ferreira:

Pendant le cours de Self-Défense, nous avons appris à nous defendre toutes seules. Après l'échauffement du début, nous avons fait des exercices avec des sacs de frappe et nous avons appris des techniques pour nous défendre. Le cours était vraiment cool, l'entraîneur nous a bien motivées. Il faisait beaucoup de blagues et il était gentil avec nous. On s'est bien amusées. Le cours m'a beaucoup plu et j'aimerais bien en refaire un.

Fiction addiction

De Buchclub *Fiction Addiction* (mer hunn ganz laang no engem richteg gudden Numm gesicht =)) ass dëst Schouljoer als Ecole à la carte an d'Liewe geruff ginn. Mir, d'Bibliothekärinne vum CDI, wollten all de Schüler a Schülerinnen, déi gäre liesen, eng Méiglechkeet zum Austausch ginn.

Ganzer 4 SchülerInnen haten sech ugemellt! Do fält mer direkt de Sproch „klein aber fein" an.

Am *Fiction Addiction* hu mer ganz vill gelies, awer net nëmmen... Esou ware mer an d'Nationalbibliothéik an op e klenge Shoppingtour bis an de Bicherbuttek, wou eis Schülerinne Bicher fir den CDI erausgesicht an dunn och gelies hunn.

Si hunn hir Liblingszitater erausgepickt an d'Couverture vun de Bicher nogestallt. Dofir hu si ënner anerem Salz, Kräid an Äscht aus dem Gaart benotzt! Mir fannen d'Resultat mega!

Mir freeën eis op dat nächst Schouljoer, wou mer pro Semester e *Fiction Addiction* ubidde wäerten, ee fir d'classes inférieures an ee fir d'classes supérieures.

ORIGINAL





SCHÜLERVERSIOUN

Zeenesch Liesung zum "Tagebuch der Anne Frank"

mam Fabienne Hollewege

Am Kader vum *International Holocaust Remembrance Day*, an op Invitatioun vum Zentrum fir Politesch Bildung konnte mir e Freiden, den 21. Januar, d'Fabienne Hollwege mat enger zeenescher Liesung zum „Tagebuch der Anne Frank" um Fieldgen begréissen.

2005 hunn d'Vereente Natiounen dësen Dag an d'Liewe geruff, fir den Afferen vum Holocaust ze gedenken. De 27. Januar gouf als Gedenkdag festgehalen, als Erënnerung un de 60. Joresdag vun der Befreiung vum Konzentratiounslager Auschwitz-Birkenau.

An enger Zäit, wou de Krich rëm an Europa ukomm ass, wou Populisten an Demagogen ëmmer méi Geléier fannen, déi gesellschaftlech „Verrohung" zouhëlt a gläichzäiteg kaum nach Zeie vun de Grujeldoten, déi ënnert dem Nazi-Regime passéiert sinn, liewen, ass et immens wichteg, op d'Gefore vu Rassenhaass an Intoleranz hinzeweisen a virun hinnen ze warnen.

Déi Sozial Medien offréieren eiser Gesellschaft hautessdaags zousätzlech eng einfach zougänglech Bün fir d'Verbreedung vu Fake News, d'Salonsfäegkeet vun diskriminéierende Bemierkungen an d'Banaliséierung vu Strofdoten asw..

Ee Grond méi, d'Bün vum Fieldgen grouss opzemaachen an aktiv géint Friemenhaass virzegoen. Mat senger emouvanter Duerstellung vum „Tagebuch der Anne Frank" huet d'Fabienne Hollwege des Bün komplett ageholl an eis all am Häerz beréiert.

Die ewige Königin

Jean-Louis Reuter
Wirtschaftslehrer

Am 6. Februar 2022 ist es vollbracht: 70 Jahre – man spricht vom Platin-Thronjubiläum – hat Elisabeth II. nun den Thron des Vereinigten Königreichs von Großbritannien und von Nordirland sowie von 14 weiteren, als *Commonwealth* Realms bezeichneten souveränen Staaten (die heute als Nachfolger des *Britisch Empir* gesehen werden) inne. Kein Monarch weltweit ist derzeit älter bzw. hat eine ähnlich lange Amtszeit.

Aufgrund ihres Alters – sie ist am 21. April 1926 geboren – ist das nicht allzu sehr verwunderlich. Doch noch vor der Jahrtausendwende hat man es für fraglich gehalten, ob sie Königin Victoria, die im 19. Jahrhundert souverän über das Empire herrschte, den damaligen Dienstzeitrekord von 63 Jahren streitig machen könne. Spekulationen zufolge könne sie zu Gunsten ihres Sohnes Charles abdanken. Der 1948 geborene Charles wartet zu diesem Zeitpunkt schon seit 40 Jahren auf den Thron...

Eigentlich steht Elisabeth II. bei ihrer Geburt an dritter Stelle der britischen Thronfolge. Ihr Vater besteigt nach der Abdankung seines Bruders 1936 den Thron.

Während des Zweiten Weltkriegs übernimmt sie erstmals Aufgaben in der Öffentlichkeit. Vorbildlich bleibt die königliche Familie während der Kriegsjahre im bombardierten London. Als Elisabeth II. am 20. November 1947 Prinz Philip in Westminster Abbey heiratet, wird die deutsche Verwandtschaft einschließlich seiner drei Schwestern nicht zur Hochzeit geladen. Prinz Philip empfindet es später als Zurücksetzung, dass sein Familienname von Battenberg kurzerhand ins englische Mountbatten „umgewandelt“ wird und dazu nur noch zweite Wahl ist. Die Familie heißt nun Windsor. Dafür hat der damalige Premier Churchill plädiert. Übrigens hat Elisabeth II. von 1952 bis heute sage und schreibe 15 Premierminister erlebt und nur zweimal ist eine Frau Premier gewesen.

Elisabeth ist Schirmherrin von über 600 wohltätigen und ehrenamtlichen Organisationen. In ihrer Freizeit interessiert sie sich vor allem für den Pferdesport. Jedes Jahr besucht sie die Pferedrennen in Ascot und Epsom. Ebenso angetan ist sie von Hunden, insbesondere von der Hunderasse Pembroke Welsh Corgi. Allein seit ihrer Thronbesteigung hat sie mehr als 30 dieser Tiere besessen.

3G-SO1

3TPCM

3G-SO2

3G-SO3

4C1

4C2

4G-CM1

4G-CM2

4G-IG

4G-SO1

4G-PS

4G-SO2

4G-SN

4G-SO3

4G-SO4


4TPCM

DP1AV

5C1-L

CIP

5C2

COP

5C3

5G1

5G2

5G3

5G6

5G4

5G5

5G7

5G8

5AD

5P

6C1-L

6G2

6C2

6G3

6G1

6G4

6G5

6G6

Mir wënschen lech an Ärer Famill schéin Ouschteren

Trait d'Union
Zäitschrëft
vun der
Ecole Privée Fieldgen

Bestellen iwwer de
Konto bei der
BIL
LU74 0020 1336 1560 0000
Parascolaires-Fieldgen
21, rue d'Anvers
L-1130 Luxembourg

Abonnementspräis:
8 € pro Joer

Kontaktadress:
Trait d'Union
21, rue d'Anvers
L-1130 Luxembourg

Redaktiounskomitee:
Genewo Christiane
Hoeijmakers Kirsten
Hollerich Catherine
Schaus-Georges Andrée

Layout:
Rodrigues Antunes Patricia
Weidert Jessy

Drock:
print solutions sarl

Ee grousse Merci un all déi, déi un dëser Nummer matgeschafft hunn.